Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 1. Juli 2017

DEN JEAN-PIERRE THILL

Zu Helmdeng den 6. Juni 1905 gebuer, koum den Jean-Pierre THILL deen awer ëmmer nëmmen Jemp geruff gouf, Ufank den drësseger Joeren als jonken Mann op Diddeleng well hien en Diddelenger Meedchen bestuet hat. Em déi selwecht Zäit koum hien an Kontakt mat den Peaux-Rouges duerch den François an den Jean-Jacques DIEDERICH. Hien ass an den Comité agetrueden an vun do un war hien an eise Reien an sollt fir ëmmer bleiwen.

Während deenen méi wéi 55 Joer wou hien Member wor war hien ëmmer am Comité. Vun 1948 bis 1989 war hien fir ganzer 41 Joer laang Caissier vum Groupe an vun 1979 bis 1984 och Vize-President vun eisem Comité. Ouni dass hien an den batteren Joeren vun 1979 bis 1984, wou den Groupe um Buedem loung, d' Fakel nach héich gehalen hätt wier den Iwwergank zou deem Moment wou d' Peaux-Rouges 1984 operstanen sinn nett méiglech gewiescht an mir sinn haut ganz houfreg doropper.

Zesummen mat sengem Frënn, d' Gebridder DIEDERICH, den Eugène LEGENDRE an den René GOORIX wor hien ëmmer en Häerzsték vun eisem Grupp an huet ni opginn an hat fir den Neiufank d' Mënz fest zesummen gehalen.

Berufflech wor hien zäitliewens en bekannten Diddelenger Schoulmeeschter. Bestuet wor den Jemp mam Joséphine PEIFFER a Papp vun engem Jong, dem Marcel. Leider huet hien eis den 17. Juli 1991 fir ëmmer verlooss. Hien wär haut bestëmmt ganz stolz fir säin Grupp erëm esou staark ze gesinn.

****